N°960
Entrée le 03.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.07.2024

**Här Claude Wiseler**
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 02. Juli 2024

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro iwwert **d'Busgare zu Ettelbréck** un d'Madamm Mobilitéitsministesch weiderzeleeden.

De 24. Juni 2024 ass d'Busgare zu Ettelbréck nees zeréck op déi südlech Säit geplënnert. Allerdéngs melle verschidde Busfuerer.innen eng Rei Problemer, déi a Verbindung mat dem aktuelle Busarrêt stinn. Eng Problematik stellt ënnert aanerem d'Längt vun dëser provisorescher Bushaltestell duer, wou am Dag eng grouss Unzuel vu Busser hale bleiwen a Passagéier.innen waarden. Wéinst der Längt ass et esou datt déi vereenzelt Busser op verschiddenen Deeler vun der Spuer stall halen, wat reegelméisseg fir Gerenns a Stress bei de Leit suergt.

Laut Zäitplang vum Ministère ass virgesinn datt déi final Busgare fir Enn 2026 soll fäerdeg gebaut sinn, soudass zumindest e minimaalt Ekipement an Amenagement, ewéi zum Beispill en Ënnerdaach a Sëtzplazen, vun dësem laangen a vill frequentéierte Busarrêt virgesi misst ginn.

An dësem Kontext erlaben ech mer et follgend Froen un d'Madamm Ministesch ze stellen :

1. **Kann den initialen Zäitplang zur Fäerdegstellung vun der Busgare zu Ettelbréck agehale ginn ? Falls net, mat wei engem Datum ass ze rechnen ?**
2. **Ass virgesinn d'Spuer vun dëser laanger Bushaltestell an Zonen anzedeele fir datt d'Passagéier.innen an Zukunft d'Arrivée vun hirem Bus besser anticipéieren ze kënnen ? Falls jo, sollten dës Zonen net och op der elektronescher Tafel ugewise ginn ?**
3. **Well dës Plaz viraussiichtlech nach e puer Joer als provisoresche Busarrêt genotzt wäert ginn, gedenkt d'Ministesch de Busarrêt zumindest mat enger Mindestaustattung ze ekipéieren ?**

Mat déiwem Respekt,

**Meris SEHOVIC**
Deputéierten